**Evangelium vum Dräifaltegkeetssonndeg C**
**Joh 16, 12-15**

## KONTEXT

Am allgeménge ginn d'Kapitelen 13-17 vum Joh als e Ganzt ugesinn ; se sinn ewéi verschiddefuerweg Krellen, déi uneneegereit sinn : de Jesus schwätzt mat senge Jünger, an duerch si mat all de Jünger, déi nokommen, vun der Zäit, vu wou un hie « verherrlecht » ass, d.h. och vun eiser Zäit ; hie mécht hei quasi säin Testament a seet senge Leit mat Nodrock wat säi leschte Wëllen ass, eng litteraresch Gattung, wéi se méi dacks an der Bibel virkënnt (cf. Gen 49 ; Dtn33, 1ff ; Apg 20, 17ff) ; op déi Manéier erkläert de Jesus beim Joh de Sënn vu sengem Doud.
D'Kapitel 16 fänkt u mat de Wierder 'ech hunn iech dat hei gesot' fir dem Testament eng bestëmmte Feierlechkeet ze ginn, resp. fir ze weisen, datt d'Jünger prévenéiert waren – si hu just dee Moment nach net alles verstoe kënnen; dëse Sazdeel kënnt och anerwäerts a Joh 15-16 vir (15, 11 ; 16, 1.6.25.33) ; et huet een d'Gefill, wéi wann de Joh versiche géif senge Chrëschten ze soen, datt déi Schwieregkeeten an déi Oflehnung, deenen si begéinen, just d'Fortsetzung si vun deenen, déi de Jesus scho begéint ass (cf. Joh 16, 1-4). – Och gëtt am Kapitel 16 d'Thema vum Fortgoen an dem Bäistand/Paraklet aus Joh 14 erëm opgegraff (Vv. 5-7 : de Bäistand fir d'Jünger ; Vv. 8-11 : de Bäistand géint d''Welt' ; eis **Vv. 12-15** : de Bäistand, de Jünger hire Guide). Duerno weist de Joh nach op de Jünger hir gemëschte Gefiller hin, elo wou hire Meeschter hinne seet (cf. Joh 13, 13), hie géif fortgoen (Vv. 16-33).

## TEXT

**De Jesus sot zu senge Jünger ... (Vv. 12-13) :**

A Joh 15, 15 sot de Jesus de Jünger, hien hätt hinnen elo alles gesot, an elo hei de Géigendeel ! – Vläicht ass et esou geméngt, datt hie wuël gesot huet, wat ze soe war, mee, datt (**V. 13**) si de '**Geescht vun der Wourecht**' (cf. Ps 25, 5 ; alias Bäistand/Paraklet) brauche fir et och ze verstoen, resp. datt dëse Geescht d'Jünger an d'Zukunft begleet an hinne bäisteet, si féiert an de Schwieregkeeten, déi kommen (an dier dem Joh seng Gemeinschaft der jo genuch hat, vu bausse wéi vu bannen) oder fir Déicisiounen ze huelen (cf. als ee Bsp Apg 8, 29). De Jesus ass déi lescht Offenbarung vu Gott : fir d'Chrëschten, a fir de Joh nach ganz speziell (cf. déi vill 'ech sinn'-Aussoen), ass de Jesus d'Bild vu Gott, den authenteschsten Ausdrock vu sengem Wiesen, d.h. duerch säi Liewen, seng Missioun huet de Jesus e bestëmmtend Bild vu Gott gezeechent, domadder huet hien 'säin Numm' bekannt/offenbar gemeet (cf. d'Evangelium vum 7. Sonndeg vun der Ouschterzäit C). U sech féiert de Geescht duerch d'Jünger dem Jesus seng Missioun virun. Dobäi ass de Schluss vum **V. 13** net ze verstoen, datt hien en Hellseher wier, mee, hien ass e Guide duerch dat erduerch, wat kënnt.

**Hie verherrlecht mech, well hie kritt en Deel ... (Vv. 14-15) :**

Esou Sätz, wéi dës zwee Vv. goufe wahrscheinlech vill beduecht an diskutéiert während den trinitaresche Konziler (4. Jhd) – mer si jo op 'Dräifaltegkeetssonndeg' : de Geescht iwwerhëlt, wat de Jong war a wat hie bruecht huet, dat, wat vum Papp

komm ass a kënnt ; mee, de Bléckwénkel aus deem eraus hei iwwerluecht gëtt, bleiwt de Jesus (dee selwer nach amgaangen ass ze schwätzen !) : et ass an him, wou d'Geheimnis vu Gott lues a lues offenbar gëtt, mat dem Geescht als Guide (woubäi och eng endzäitlech/eschatologesch Nout mat ukléngt).

(Fränz Biver-Pettinger)